ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Säit dem Joer 2015 ass hei am Land d'Juegd op de Fuuss verbueden.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madame Ëmweltministesch:

1. Vue dass et jo ëmmer manner Buedem- a Wisebréier gëtt: Goufe säit dem Verbuet vun der Fuussejuegd Detailanalysen an Iwwerpréiwunge realiséiert, wéi dëst Juegdverbuet sech op dës Buedem- oder Wisebréier auswierkt? Goufen Detailanalysen an Iwwerpréiwunge realiséiert, wéi sech dëst Juegdverbuet op aner Déierenaarten auswierkt?
2. Ginn et nach aner Erkenntnisser, déi sech aus dem Verbuet vun der Fuussejuegd erginn hunn? Wa jo, wär de Ministère bereet, dës Erkenntnisser oder Analysen der Chamber matzedeelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten